Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural, 8
Référence: 367/2020
22 JUIL. 2020
A traiter par:
Copie à:
REÇU
Par Aff Christian , 11:17, 22/07/2020

CSV
FRAKTIOUN

n° 2572

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 22. Juli 2020

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir lech, dës parlamentaresch Fro zu der Bekämpfung vun der amerikanischer Faulbrut bei de Beien un den Här Landwirtschaftsminister weider ze leeden.

D'amerikanesch Faulbrut (AFB) ass eng ustiechend Krankheet di vu Bakterien ausgeléist gëtt an di ganz geféierlech fir Beievölker ka sinn. Sporen (Dauerform) vun dëser Brutkrankheet si weltwäit verbreet. Laut dem Reglement Grand-Ducal vum 8.8.1985 muss d'Veterinärsinspektioun bei engem Verdacht vum Ausbroch vun dëser Krankheet, z.B. beim Fannen vu Sporen a „Futterkranzproben", zousätzlech déi betraffe Beiestäck an hier Brutwaben op klinesch Symptomer analyséieren. Och muss d'Veterinärsinspektioun d'Brutwaben an engem homologéierten Labo ënnersichen, fir Symptomer am Vollek sécher der AFB zouzeuerdnen, äert se d'Beievölker liquidéieren däerf. Eisen Informatiounen no gëtt dëst Prozedur awer zënter 2016 net méi ëmgesat a ganz Beiestänn ginn just opgrond vu Sporen an de Futterkranzprouwen ëmbruecht. Dat also ouni no klinesche Befunder iwerhaapt ze sichen an ouni positiv Laboranalyse vun der Brut aus betraffene Vëlker. Weiderhin soll d'Liquidatioun vun de Beievölker net ëmmer professionell duerchgefouert gi sinn.

An dësem Kontext géife mir gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

1. Firwat huet sech ab 2016 d'Prozedur wat d'Bekämpfung vun der amerikanescher Faulbrut ugeet geännert, obwuel et zu kenger Änderung an engem Reglement komm ass?
2. Mat wéi enge Methoden sinn d'Beievölker liquidéiert ginn? A wien huet se liquidéiert?
3. Wéivill Beievölker si jeeweils, 2017, 2018 an 2019 doutgemaach ginn? Wéivill vun dëse Völker si just op Basis vu Sporen an de Futterkranzprouwen (d. h. verdachtbaséiert) a wéivill op Basis vun engem klinesche Befund, mat Laboranalyse vun der Brut an engem homologéierten Labo (d. h. faktebaséiert), doutgemaach ginn?

Här President, mir bieden lech onsen déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen
Deputéierten

Aly Kaes
Deputéierten

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 22 juillet 2020

Objet : Question parlementaire n° 2572 du 22.07.2020 de Madame la Députée Martine Hansen et de Monsieur le Député Aly Kaes - Loque américaine des abeilles

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture et du
Développement rural

Dossier suivi par : M. André LOOS
Tél : 247-82530

Réf.: 367/20

Monsieur Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement

Service Central de Législation

LUXEMBOURG

Luxembourg, le 31 août 2020

Objet: Question parlementaire n° 2572 des honorables Députés Madame Martine Hansen et Monsieur Aly Kaes

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir, en annexe, ma réponse à la question parlementaire citée sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Le Ministre de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural,

Romain SCHNEIDER

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

Réponse du Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural à la question parlementaire n° 2572 des honorables députés Martine Hansen et Aly Kaes

1. **Firwat huet sech ab 2016 d'Prozedur wat d'Bekämpfung vun der amerikanescher Faulbrut ugeet geännert, obwuel et zu kenger Ännerung an engem Reglement komm ass?**

Den Abschnitt 3 vum Artikel 3 aus dem groussherzogleche Reglement vun 8 August 1985 schreift keng bestëmmte Method vir, mat där ee Beienexpert d'Feststellung vun enger Kränkt maache soll. Vill méi seet den Artikel, dass de Beienexpert sämtlech Mëttel, déi zur Verfügung stinn, notze kann, déi hie fir néideg fënnt. Bis 2016 goufen all déi Analysen am deitschen Landesamt für Verbraucherschutz und Lebensmittel sicherheit-Referenzlabo gemaach. D'Personal vum Laboratoire de médecine vétérinaire de l'Etat (LMVE) gouf dunn forméiert, fir dës Analyse selwer ze maachen. Fir d'Analysen am LMVE ze maachen, gëtt eng sougenannt Fudderkranzprouf aus engem Vollek geholl, an de Laboratoire geschéckt. D'Analyse am Laboratoire ass technesch bedéngt méi sensibel wéi déi reng visuell Inspektioun. Sou ka mat der Labo-Method och de Bazill respektiv seng Sporen nogewise ginn, wat mat enger renger visueller Inspektioun net méiglech ass. Am Laboratoire ass et och méiglech, dat Prouwematerial ze inkubéieren, fir domat de Risiko ofzeschätzen, op dat Material Träger vu Sporen ass an domat potentiell en Risiko duerstellt, d'Infektioun ze verbreeden.

2. **Mat wéi enge Methode sinn d'Beievëlker liquidéiert ginn? A wien huet se liquidéiert?**

Zerstéierung vun deene Vëlker, an deenen den Erreeger nogewise gouf, ass vun der Veterinärsverwaltung ugeuerdent ginn. Dobäi kënt als Method dat sougenannt Opfschwiefelen zum Asaz. Dobäi gi mat Schwiefel imprägnéiert Pabeiersträifen a Këschte geluecht. Dës Sträife verbrennen a reagéiere mat Sauerstoff, fir dann Schwiefeldioxid ze bilden, dat fir Beien déidlech ass. De Virdeel vun de Schwiefelsträifen ass d'Sécherheet fir de Benotzer, allerdéngs besteet dobäi ëmmer een gewëssene Brandrisiko.
Et gouf och an engem Fall Schwiefel benotzt. Dës Method ass ganz wierksam, mee et besteet de Risiko vum Anootme vu Schwiefeldamp fir déi Leit, déi bei der Zerstéierung uwiesend sinn.

3. **Wéivill Beievëlker si jeeweils 2017, 2018 an 2019 doutgemaach ginn? Wéivill vun dëse Vëlker si just op Basis vu Sporen an dee Fudderkranzprouwen (d.h. verdachtbaséiert), a wéivill op Basis vun engem klinesche Befond, mat Laboranalyse vun der Brut an engem homologéierte Labo (d.h. faktebaséiert), doutgemaach ginn?**

De Staatslabo LMVE ass akkreditéiert no der Norm ISO 17025, reegelméisseg Auditten dozou ginn och ënnert der Opsiicht vum OLAS (Office luxembourgeois d'accréditation et de surveillance) duerchgefouert. Dëst bedéngt och, dass reegelméisseg Laboratoiren sech géigesäiteg iwwerpréiwen, an deem si Testmaterial zougeschéckt kréien, fir hir Methoden ze iwwerpréiwen.

Joer	Unzuel zerstéiert Kolonien	Feststellung vun positive Resultater
2017	6	Jo
2018	1	Jo
2019	76	Jo